PIRATEN
SEKTIOUN PÉITENG

Gemengeverwaltung Péiteng
Buergemeeschter a Schäfferot
Place J.F. Kennedy
4760 Pétange

Rolleng, de 24te September 2020

Här Buergermeeschter,

sou wéi den Artikel 25 vum Gemengegesetz et virgesäit, wëll ech dem Schäfferot a Buergermeeschter eng Fro stellen.

Eis hu verschidde Leit aus Péiteng kontaktéiert, well op verschiddene Platzen (ouni elo di genee Adressen ze nennen) allgemeng Reegelen net agehale ginn.

Op enger Platz op de Stroossen ass et esou, datt Leit hier Poubellestute viru Stroosseschëlder setzen, soudass di net méi ze gesi sinn. An den 30er-Zonen kënnt et des Weidere ganz oft vir, datt d'Autoen sech net un di affichéiert Geschwindegkeetsbegrenzung halen.

D'Leit reegen sech och doriwwer op, datt a verschiddene Gebaier owes no 18 Auer oder souguer Samschdes a Sonndes Aarbechte gemaach ginn, déi natierlech fir Kaméidi suergen. Op verschiddene Platze fänken Entrepreneuren un mat bauen oder renovéieren, ouni hier Autorisatioun baussen z'affichéieren.

Et ass gewëss, datt an enger Gesellschaft net ëmmer jiddereen zu 100% d'Reegelen anhält. Grad dofir ass et wichteg, datt d'ëffentlech Instanzen (Police oder d'Gemeng) Presenz weisen, d'Situatioun an der Gemeng kontrolléieren a ggf. och protokolléieren.

An deem Zesummenhang wëll ech dem Schäfferot a Buergermeeschter dës Froe stellen:

1. Wéi kontrolléiert d'Gemeng, datt sech un di allgemeng Reegelen (Code de la Route, Ëmwelt, Bauten) gehale gëtt ?

2. Huet d'Gemeng Personal, datt reegelméisseg kontrolléiere geet, ob sech an der Gemeng jiddereen un d'Reegelen hält? Falls jo, wéi vill Persoune sinn hei am Asaz? Falls nee, wär et net un der Zäit esou ee Service opzebauen?
3. Wéi steet de Schäfferot zu den uewe genannte Kriticken a wat gëtt ënnerholl, fir d'Wuelbefanne vun eise Biergerinnen a Bierger ze verbesseren?

Merci fir Är Opmierksamkeet an Äntwert,

Christian Welter
Gemengeconseiller